# Dem René SCHILTZ säi Wee am Krich.
# (gebuer den 5.7.1922 zu Ettelbréck)

<u>HINZERT - SCHLESIEN - RUSSLAND - POLEN - DEITSCHLAND - LETZEBUERG (Pafendall) - BELGIEN - LETZEBUERG-ENGLAND.</u>

**1940 - 1942** : Activitéiten an der Ettelbrecker Resistenz, speziell am Kader vun der Sectioun LPL.

**17.11. - 22.11.1941** : Verhaftung duerch d'Gestapo am Dikrecher Kolléisch. - Villa Konter(Dk.) - Villa Pauly (Lëtzeb.) - HINZERT.

**5.10.1942** : Enrôlement an de REICHSARBEITSDIENST, - R.A.D. Arbeitslager zu SAGAN a Schlesien.

**6.12.1942** : Départ vun do duerch Polen, iwer Kiev op CHARKOV (Süd-Russland). - R.A.D. - Stab's Wache. Arrivée op Krëschtowend... bei minus 40 Grad.

**6.2.1943** : No dem preiseschen Debakel zu Stalingrad an dem Réckzug vun der WM: Fuite virun de Russen bis op Kiev. Vun do a POLEN (Radymno-Przemysl 21.2.43 - 25.3.43). Zréck a Schlesien bis Ufank Abrël. Vun do heem op Lëtzebuerg.

**16.4.1943** : Enrôlement an d'WEHRMACHT op NIENBURG/Weser an d'Infanterie-Pionier Kompanie 269 - Ausbildong.
Manöver Lüneburger Heide. (Enn Juli)
- dono zréck op Nienburg (Marschzug).

**23.8.1943** : Aplaatz an "Urlaub"an dono iwer Berlin an den Asaatz a Russland, geet et op Lëtzebuerg an de Pafendall bei de Paschtouer J.P. RIES, ë fréieren Ettelbrécker Kaploun , och Grënner/Präses vum BASKET-CLUB.

**30.8.1943 - 10.9.1944** : Cachette an der <u>Pafendaller Kiirch.</u> (12½ Méint)
Déserteur Wehrmacht - Fahndungslëscht.
17.12.1943 : grouss Razia vu Gestapo an SD am Pafendall, och an der Kiirch.
- Immens Chance fir eis 2 Réfractären; sii fannen se nët!

**10.9.1944** : LIBERATIOUN duerch d'Amerikaner fir déi elo schon 6 Pafendaller Réfractairen.
Retrouvailles no 3 Joer mam Brudder Aloyse , franséischen Offizéier.

**12.9.1944** : Engagement als Volontaire - Interprète bei der US 5th Armoured Division. Civil Affairs an dann CIC Detachment 505 vun där Divisioun. (Counter Intelligence Corps)

**Bis Enn Febr. 1945** : Operatiounen Eisleck - Malmédy - Hürtgen - Battle of the Bulge / Eupen.
Rappel durch d'lëtzebuerger Regierong - Affectatioun als Serjhant bei der SHAEF-Mission zu Lëtzebuerg.
Asaatz am Eisleck an bei speziellen Missiounen (Affaires Economiques)

**Abrëll 1945** : Volontaire bei där neier lëtzebuerger Arméi.
Interprète an Instrukter.

**Juni bis Dez.1945** : Aspirant-Officier an där englescher Militär-Schoul zu WROTHAM/KENT an dun SANDHURST (161-OCTU) .
Retour Chrëschtdaag 1945 .

**1.1.1946** - Affectatioun als Kompaniechef beim lëtzebuerger zweete Batailloun zu BITBURG / EIFEL (an Occupatioun).